**Gudden Owend Här Buergermeeschter, léif Leit**

Mäin Numm ass Gianluca, ech sinn am 5. Schouljoer. Ewéi de Buergermeeschter mir ugeruff huet op ech en puer Wieder wéilt fir Nationalfeierdag soen, ewéi ech Zäit vum Confinement erlieft hunn, hunn ech direkt jo gesot.

An dëser Zäit huet eis de soziale Kontakt gefeelt. Virun ë puer Woche war et onméiglech mat de Kolleege spillen ze goe. Säit kuerzem, endlech kenne mer eis treffen, zwar mat der Mask, mee mer kennen et.

Et wier flott gewiergt den Nationalfeierdag den Owend ewéi all Joers mat engem grousse Fest op der Gemengeplaz ze feiere, mat Frënn a Famill a mat verschiddene Kulturen déi hei zu Schëffleng doheem sinn.

Eis geet et gutt, an och der Ëmwelt geet et besser. D'Natur, och zu Lëtzebuerg, huet sech erëm erholl.

Wann ech dat elo soe, well ech keen domadder beleidege. Mä och wann dat heiten alles eriwwer ass, sieft verantwortlech a geheit näischt méi an de Bësch. Dëst ass nëmmen ee Gest, mä dee Gest soll eis och zum Nodenke bréngen, ewéi eng Léier kenne mir aus dëser Kris zéien, fir eis d'Liewen och nom Covid-19 ze entschleunegen a méi Nohalteg mat eiser Ëmwelt ëmzegoen. Oder maache maer esou weider?

Elo war een déi ganzen Zäit entweeder alleng ouni Kollegen oder bei der Famill daat war, matt mengen Elteren eng flott Zäit well mär eis vill matt eis selwer beschäftege konnten.

Ech weess zwar net waat är Angscht ass, mais meng grouss Angscht waar an ass, datt de COVID-19 meng Elteren a Grousselteren unstecht.

Ech sin frou iwwert Disziplin vu jidderengem den sech un Regele gehaalen huet. Ouni dat verhalen, wär alles vill méi schlëmm komm, a mir wären nach ëmmer am Chaos.

Ech perséinlech hunn draus geléiert: Elleng ass ee staark, mee zesummen ass een nach méi staark. De Covid-19 kennt keng Hautfaarf an keng Relioun an dat ass ee ganz wichtege Message, datt mir alleguerte gläich sinn. Ech wënsche mir datt et kee Rassismus méi op der Welt gëtt, bis dohi wäert et nach ee laange Wee si, mee zesumme kenne mir et packen.

Et ass schéin nees ënnert de Leit ze sinn.

Ech wënschen iech an äre léifste Gesond ze bleiwen.

Merci fir äert nolauschteren.